

Rabaudy iwwert de Journalisteberruff gewonnen doduerch awer nët onbedéngt u Schäerft.

(Medië-Chronik um honnert, 7. vum 2. Dezember 2001)

Op en Hoer no an Afghanistan gelyocht

De Robert Fisk as dee vläicht beschte Korrespondent am Mëttleren Osten, ganz sécher awer deen Zeitungsreporter, deen an England déi meeschte journalistesch Präisser mat ewechgeholl huet. Zanter 25 Joer leeft hien zu Beirut, wouhin hien no der Æilletsrevoloutioun a Portugal op Missioun geschéckt gouf. Och haut, mat 55 Joer, refuséiert hien ëmmer nach, fir séng Informatiounen an den Ambassaden anzesammelen. Hie schafft um Terrain. Dat hat hien am Afghanistan-Krich op en Hoer no d'Liewe kascht.

De Robert Fisk as e Reporter vun der aler Schoul. Een, dee forméiert gouf mat dem Stenosblock, op deem hien nockuckt, fir erauszefannen, wat de Yassir Arafat oder de Shimon Peres him virun 10 Joer bei engem Tête-à-tête verzielt hun. De Fisk as e Korrespondent, dee mat séngem pobeiers Telephonbichelchen uechter d'Welt ditz. Doranner schreift hien zanter 25 Joer all méiglech Nummere vun alle méigleche Leit aus dem Mëttleren Osten op. De virechten 8. Dezember huet hien dat Bichelchen bei enger liewesgefërlécher Méaventür verluer.

De Fisk as ee vun deene rare westleche Journalisten, déi bis elo dräimol mat dem Terrorist Osama bin Laden en Interview gefouert hun: am Sudan an zweemol an Afghanistan. Nët ze vergiessen: de Fisk as bal deen eenzegen angelsächsische Kommentateur, dee vun Ufank u géint d'US-Vergeltungstaktik géint d'Taliban an de Krich géint Afghanistan geschriwwen huet. Nët well hie prinzipiell géint den Asaatz vu Gewalt an engem Konflikt wäer, mee wéinst de politesche Konsequenzen, déi an dësem Fall nët méi ze kontrolléiere wäeren.

Den 8. Dezember, wéi gesot, war de Robert Fisk am pakistanesch-afghanesche Grenzgebidd ënnerwee, zesumme mat dem Justin Huggler, séngem Redaktiounskolleg vun der englescher Dageszeitung *The Independent*. Dee war grad erëm vu Mazar-i-Sharif, vu wou en iwwert de Massaker an der Festung Qala-i-Jangi als ee vun deenen éischte e Reportage publizéiert hat.

Matzen an engem klengen pakistaneschen Duerf mat villen afghanesche Flüchtlinge huet hieren Auto eng Panne kritt. Déi zwee Reporter sin erausgeklomm, an d'Leit hun hinnen d'Hand gerëselt – op d'manst am Ufank. Du sin déi éischt Steng geflu komm. De Chauffeur vun engem Bus huet hinne gewénkt, mee jhust den Huggler konnt op d'Gefier opsprangen.

De Fisk as zeréckgerappt a mat Steng, Fäischte a Féiss malträtéiert gin, bis e geblutt huet wéi e Rand. Am leschten Ament as him eng Lektoune aus dem Libanon agefall: "Maach eppes, egal wat, mee maach eppes!" Hien huet séng lescht Kraaft beieneegeholl an huet e puer Leit eng op d'Nues geboxt. D'Flüchtlinge ware perplex, e Geeschtlechen huet vun der Situatioun profitéiert an de Fisk bei d'Rout Kräiz bruecht.

De Robert Fisk huet déi brutal Attack iwwerlieft, dem Justin Huggler as näischt geschitt. Wat de Fisk an den Träipen huet, da konnt een zwee Deeg méi spéit am *Independent* noliesen. Et as, wéi hie viru 6 Joer an engem Interview gesot huet: "Engem Journalist säin Job as et, en Zeie vun der Geschicht ze sin. Mir sin nët do, fir eis em eis selwer Gedanken ze maachen." Dës formidable Attitüde fënnt een och dës Kéier am Fisk séngem extrem haarde Compte-rendu erëm.

Hien huet deen nët geschriwwen, well hie bal gelyocht gi wäer. Wat as schon een doudegen Englänner, freet hien, par Rapport zu Dausende vun afghaneschen Zivilaflafer? De Fisk huet séng Geschicht op de Pobeier bruecht, ier en aneren dat a sénger Plaaetz konnt maachen, ier et eng Geschicht konnt gin vun engem onglécklechen englesche Reporter, dee vun enger wëller Band vun Afghanen fierchterlech gebeetscht gouf.

Well dat as de Kombel: de Robert Fisk versteet déi, déi hien esou schlëmm gepéngt hun. Wann hien an hierer Plaaetz gewiescht wäer – mat där Iwwerleeung fänkt hie säin Témoignage un, an hie setzt si nach eemol un de Schluss –, an hierer Plaaetz also hätt hien "genee dat nemmelecht mat dem Robert Fisk gemaach, oder mat all anere Mensch aus dem Westen, deen hie fonnt hätt". Dat nennen ech politesche Courage an intellektuell Konsequenz bis an d'Zéiwespëtzen. An de Mann huet recht.

PS: Dem Robert Fisk säin Témoignage fënnt een op der Web-Site vun der englescher Dageszeitung *The Independent*: www.independent.co.uk/story.jsp?story=109257

E kuerze Porträt vum englesche Journalist mat zwee Interviewen iwwert séng Aarbecht an Afghanistan an an Israel kann ee bei der amerikanescher Zäitschrëft *The Progressive* noliesen: www.progressive.org/webex/wx121001.html

De Fisk as ee vun deene rare westleche Journalisten, déi bis elo dräimol mat dem Terrorist Osama bin Laden en Interview gefouert hun. Nët ze vergiessen: de Fisk as bal deen eenzegen angelsächsische Kommentateur, dee vun Ufank u géint d'US-Vergeltungstaktik géint d'Taliban an de Krich géint Afghanistan geschriwwen huet.
